



N° 6856
Entrée le 16.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.09.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Déi aktuell Majoritéit fërdert iwwert verschidden Instrumenter de Bau vu Solaranlagen zu Lëtzebuerg. Vill Leit sinn iwwerzeegt vun der Sonnenenergie a wëllen dofir och eng Photovoltaikanlag bauen. Mir gouf awer zougedroen, dass et speziell bei Gebaier, déi a Gréngzone stinn, méi komplizéiert ass, fir Solarpanels z'installéieren, well een hei nach zousätzlech d'Geneemegung vum Ëmweltministère brauch. An der Äntwert op d'Fro n°3046 haten d'Ministèren erkläert, dass prinzipiell Solarpanels autoriséiert ginn, *"soufern sech duerch d'Installatioun d'Daachform net ännert, d'Panneauen an däischtere Faarftéin sinn an net blénken. Eng Installatioun vu Solarpanneauen op Stänneren op den Diecher vu Gebaier an der Gréngzon ännert de visuelle Charakter vun dëse Gebaier a féiert an der Reegel zu engem gréisseren Impakt, dee konträr ass zum Zil vum Naturschutzgesetz."*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir Geneemegung vu Solarpanels op Gebaier a Gréngzone goufen et zënter 2014?
2. Wéi vill Demandë goufen ofgeleent an aus wéi enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6856 vum 16. September 2022 vum éierewäerten Députéierten Här Sven Clement iwwert "Systèmes photovoltaïques dans les zones vertes"

Wéi vill Demandë fir Geneemegunge vu Solarpanels op Gebaier a Gréngzone goufen et zënter 2014?

Zënter 2014 goufen et 290 Demande fir eng Installatioun vun enger Photovoltaikanlag an der Gréngzon.

Wéi vill Demandë goufen ofgeleent an aus wéi enge Grënn?

Vun deenen 290 Demanden goufen der 4 refuséiert, well d'Gebailechkeet illegal war oder net huet däerfen esou adaptéiert ginn ewéi et fir de Projet néideg gewiescht wär.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung